NEWSLETTER LSAP BEETEBUERG

Abrël 2018

## Majoritéit an ADR géint eng nohalteg Joghurtsfabréck! *D'LSAP freet sech firwat?*

Den 30. Mäerz 2018 huet d'LSAP, zesumme mat der Majoritéit, de PAP Wolser gestëmmt, fir datt dräi nei Betriber sech kënnen an eiser Gemeng nidderloossen.

Eis Sektioun ass der Meenung, datt ënnert anerem d'Implantatioun vum Joghurtproduzent FAGE, deen heifir 100 Milliounen Euro investéiert, eisem Land nei Chance bitt. Fir der nëmmen zwou ze nennen :

- Schafe vun 200 Aarbechtsplazen fir manner qualifizéiert Leit
- Verschaffe vum lwwerschoss u Lëtzebuerger Mëllech

Heimadder setzt eis Land e staarkt Signal fir net méi als Steierparadäis fir Bréifkëschte-Firmen ze stoen, mä och konkret ze produzéieren (an dësem Fall Liewensmëttel), a fir nach méi diversifiéiert opgestallt ze sinn.

D'LSAP-Gemengeconseillere stelle sech selbstverständlech och Froen iwwert déi negativ Impakter, déi déi dräi Betriber – FAGE, Arthur Welter an MCM STEEL- fir eis Bierger, fir hir Liewensqualitéit a fir d'Ëmwelt bedeiten. Dofir hu mir eng Rei Verbesserungsvirschléi gemaach, déi och integral vun der Majoritéit matgedroe goufen:

- eng **Photovoltaik-Cooperative** fir d'Bierger aus der Gemeng um Daach vun der Fabréck

- eng intelligent **Nuetsbeliichtungsanlag** um Areal

- d'Abezéie vun der **Schinn als alternativt Transportmëttel**

- d'Organisatioun vun engem **Verhandlungs-dësch mat eise Mëllechbaueren**, fir datt eis lokal Mëllech zu faire Präisser ka verschafft ginn.

D'Firma FAGE investéiert awer selwer an eng eege modern Kläranlag a wäert 70% vun hirem Energieverbrauch iwwert eng Biogasanlag decken, an domat 10.000 Tonnen $CO_2$ d'Joer spueren! Aner Produktiounen, wéi Pabeier- oder Stolindustrie, Landwirtschaft asw..... hunn e vill méi héije Waasserverbrauch, a verursaachen och vill Stroosseverkéier! Ähnlech Aktivitéiten, déi deelweis schonn um Wolser präsent sinn, ginn awer vu kengem a Fro gestallt, an et gëtt och net gesot inwiefern se méi nohalteg sinn ewéi eng Joghurtsfabréck ??

Op d'Fro hin wat fir eng Betrieber dann an Zukunft op Beetebuerg sollte kommen, krute mir keng Äntwert vun der Majoritéit !

Nodeems mer schonn d'CELULA an d'EKABE als Molkereien hei zu Beetebuerg haten, si mir der fester Iwwerzeegung, datt mer och dës Kéier zesumme mat den zoustännegen Instanzen de Projet esou kënne gestalten, datt déi negativ Impakter op e Minimum kënne reduzéiert ginn esou datt eis Liewensqualitéit erhale gëtt an eis Ëmwelt verschount bleift.